N°3672
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3672 vum 18. Februar 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Attribution du titre de Ville".**

1. **Wäert d'Regierung d'Gesetz upassen, fir Krittäre festzeleeën, déi de Statut vun enger Stad definéieren?**
   **Falls d'Regierung dat net wëll, wäert een op de Wee goen, dass d'Gemengen einfach selwer entscheede kënnen, ob si sech Stad wëllen nennen?**
   **Falls nee, firwat net?**

Et gëtt kee generellt Gesetz, dat bestëmmt, ënner wéi enge Conditiounen eng Gemeng den Titel "Ville" kréie kann. Et ass och net am Koalitiounsaccord virgesi fir dat ze änneren a Krittären ze fixéieren. Sou Krittären änneren sech am Laf vun der Zäit a riskéieren net méi der Realitéit ze entspriechen, wann se sollen an engem konkrete Fall ugewant ginn. Déi lescht Gemengen, déi den Titel "Ville" kruten, hunn dësen duerch ee Gesetz vum 4. August 1907 kritt. Et waren Déifferdeng, Diddeleng, Ettelbréck a Rëmeléng.

Den Titel "Ville" huet och just ee symbolesche Wäert a verschaaft enger Uertschaft oder enger Gemeng keng konkret Avantagen oder Rechter. D'Regierung steht fir eng reell Politik mat gräifbare Resultater a prioriséiert d'Stäerkung vun de Servicer an d'Ënnerstetzung vun de Gewielten an dem Gemengepersonal.

Buergermeeschter, Schäffen a Conseilleren hunn dofir an de leschten zwee Joer méi Congé politique kritt, fir sech hiren Aufgaben am Kader vun der Lokalpolitik besser kënnen ze consacréieren. D'Gemengen, déi mindestens 6.000 Awunner hunn, hunn zanterhier ee Vollzäitbuergermeeschter. D'Gemengenautoritéite kréien ausserdeem Formatiounen ugebuede, fir sech nach besser op d'Ausübe vun hire Mandater ze preparéieren.

D'administrativ Servicer vun de Gemenge ginn och gestäerkt. De Regierungsrot gëtt gläich mat engem avant-projet de loi befaasst mam Zil, de Gemengesyndikater ze erlaben, hir administrativ Servicer besser opzestellen. Et ass och een avant-projet de loi amgang ausgeschafft ze ginn, deen d'Strukture vun de Gemenge wäert stärken.

D'Regierung ënnerstëtzt och fräiwëlleg Gemengefusioune fir dass méi grouss Gemenge mat der néideger Masse critique entstinn, déi besser op zukünfteg Erausfuerderunge reagéiere kënnen an de Bierger méi a besser Servicer kënne bidden. D'Cellule indépendante fusions communales ass relancéiert gi fir d'Gemengen an hire Fusiounsprojeten ze begleeden.

Natierlech brauchen d'Gemenge fir hir Entwécklung adäquat finanziell Mëttel. Dofir suergt déi aktuell Regierung dofir, dass d'Gemengen déi Ënnerstëtzung kréien, déi se brauchen. Déi staatlech Hëllefe sinn erhéicht ginn nom Motto "En Awunner ass en Awunner, e Kand ass e Kand – egal a wéi enger Gemeng ee wunnt". Ausserdeem ass de Fonds communal de péréquation conjoncturale un d'Gemengen ausbezuelt an de System vum Fonds pour l'emploi ass reforméiert ginn.

Eng Gemeng kann net selwer entscheeden, ob si sech dierf "Ville" nennen. Dofir ass ee Gesetz néideg.

Lëtzebuerg, de 9. Mäerz 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden